



**Här Fernand Etgen
President vun der Chambre
des Députés**

Lëtzebuerg, den 27 Oktober 2022

Här President,

Esou ewéi den Artikel 82 vum Chambersreglement et virgesäit, wollt ech eng Question élargie zum Footprint-Usaz un d'Madamm Ëmweltministesch stellen.

De Klimavertrag vu Paräis gesäit vir, dass mir d'global Erwiermung op méiglechst 1.5°C, a maximal 2°C, begrenzen. Laut de Wëssenschaftler bedeit d'Paräisser Ofkommes dat mir als Weltgemeinschaft, gerechent ab Ufank 2020, nach ca. 400 Gigatonne CO2 an d'Atmosphär kënne blosen. Zu Lëtzebuerg hu mir mam PNEC onse Plang fir d'Emissiounen bis 2030 em 55% ze reduzéieren. Dobäi läit de Fokus awer op den Emissiounen di zu Lëtzebuerg produzéiert ginn an d'Emissiounen di zu Lëtzebuerg zousätzlech consomméiert ginn, gi komplett ignoréiert, z.B. déi bei der Produktioun vun Textilien, Auto'en oder Liewensmëttel am Ausland entstinn. Dofir ass Lëtzebuerg hannert Katar, jo och dat Land wat als zweet weltwäit seng Ressourcé schon am Februar fir dat ganz Joer opgebraucht huet.

Wa mir also zu de Paräisser Ziler stinn, da misste mer net nëmmen di zu Lëtzebuerg produzéiert Zäregasemissiounen an onse Klimabudget mat eraflësse loossen, mee och déi di fir Lëtzebuerg am Ausland produzéiert goufen. Dofir huet den Observatoire de l'Environnement a sengem Rapport virgeschloen, dass Lëtzebuerg sech och esou ee Footprint-Usaz gött.

Dofir géif ech gär den dësen Sujet vum Footprint-Usaz gär am Kader vun enger Question élargie uschwätzen.

Här President ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Paul Galles
Deputéierten